



**Sonndeg, den 18. November 2018**

### **D'Infoblat vum Lycée Robert-Schuman**

De Lycée Robert-Schuman ass frou lech mat dësem Newsletter e klengen Iwwerbléck iwwer dat mat op de Wee ze ginn, wat lech hei zu Walfer op der 24. Ausgab vun de Bicherdeeg erwaart. Mir sinn elo schonn déi 5. Kéier op de Bicherdeeg fir dëse Flyer ze produzéieren.

En Team vu Schüler aus dem LRSL vu 7eme bis 1ère, déi och eis immens erfollegräich Schülerzeitung „Fënnef vir Zwou“ produzéieren, dokumentéiert mat dësem Flyer d'Eventer vun de Bicherdeeg. De Flyer ass vun Text bis Layout integral vu Schüler produzéiert, an eise Lycée ass hounfreg op eist Team, dat dëse Flyer a senger Fräizäit produzéiert.

Luc Wildanger  
Responsabelen Enseignant  
Lycée Robert-Schuman



**KULTUR IERWEN –  
KULTUR VERIERWEN**  
**IWWERT ZÄIT,  
ZEIEN AN  
ZUKUNFT**

## **Kultur ierwen, Kultur verierwen, iwwert Zäit an Zukunft**

Ierfschafte sinn net ëmmer einfach. Dacks féieren si zu Sträit, an da gëtt sech an de Familljen d'Käpp ageschloen, wien den déckste Batz kréie soll. U sech ass Kultur jo ëmmer eng Ierfschaf. Mir iwwerhuelen d'Kultur vun eise Virfaren. D'Gesamtheit vun all deene mënschleche Kulturgüter bezeeche mir dann als Kulturierwen.

Nieft de materielle Kulturierfschaften ewéi beispillsweis den UNESCO-Weltierwe ginn et nach vill méi der kënschtlerescher aus Toun, Film oder Pabeier, oder de komplett immateriellen oder mëndlechen Ierfschaften.

An den Ament gëtt ee jo souguer politesch d'Gefill net lass, dass dës kulturell Ierfschaf betount gi muss. Besonnesch rietspopulistesch Parteien a ganz Europa, mee och den USA oder der Tierkei ginn net fäerdeg ze betounen, dass mir eis Kultur(en) verdeedege missten, och wann een zum Deel Zweifel däerf hunn, op dës Leit de Begrëff Kultur wierklech richtig verstannen hunn.

Kultur ass nämlech eppes Lieweges, eppes dat sech verännert, eppes dat sech adaptéiert. Spéitstens den Deel vun der kultureller Ierfschaf verstinn Trump, LePenn a Co awer falsch. Mee jo, Kultur ass eng Ierfschaf, an si muss virun allem lieweg bleiwen. Hei op de Bicherdeeg gëtt eent vun eise wichtigste Kulturgüter schonn déi 24. gefeiert, nämlech d'Buch.

Ouni d'Buch wier d'Mënschheet net do, wou se haut ass. Bicher späichen a vermëttelen Wëssen. Dank de Bicher konnt ee Wësse vu Generatioun zu Generatioun weiderginn. Gedanke vu groussen Denker ewéi dem Kant, dem Einstein oder dem Freud konnt geséichert ginn, an un déi nächst Generatiounen verierft ginn. Literaresch Wierker vum Goethe, Shakespeare, Voltaire oder eise Dicks konnt an d'Ierfschaf agoen.

Bicher späichen eben nieft Wëssen och Freed, Fantasie a Kreativitéit. Kleng Kanner hir Fantasie gëtt ugereeget wann d'Elteren hinnen owes virum Schlofe virlesen. Dës Geschichte

vergiesse si dacks hiert ganz Liewen net méi.

Egal op si komplett der Fantasie entspronge sinn, oder op et Realitéite sinn oder waren, Bicher erweideren eis Kultur och am digitalen Zäitalter.

Dëst Kulturierwe muss duerchaus gefleegt ginn. Den Historiker Dr. Robert Philippart huet op der Erëffnungsfeier probéiert d'Definitiou vum Patrimoine ze erklären. Et ass eng Vifalt vun Elementer wéi zum Beispill Dokumenter, Gebaier mee eben och immateriell Wäerter. Mir hunn dëse Patrimoine vun eise Virfahre geierft a mir mussen domadder responsabel ëmgoen an et un eis liewe weiderginn. Den Accès zu dësem Patrimoine gehéiert zu de Mënscherechter. Senger Meenung no ass d'Jugend ganz engagéiert fir de Patrimoine an d'Kultur. Dat gesäit een un der Presence vu Jugendlechen an de Museksensembles, oder och hei op de Bicherdeeg mat ville jonken Auteuren, vill Jonker molen och gären oder sinn aktiv an der Architektur, wou neie Patrimoine erschaf géng ginn.

Och d'Digitalisatioun ass fir de Robert Philippart eng grouss Chance fir de Patrimoine, well d'Informatiounen sou vill méi accessibel fir jidderee ginn. D'Recherche sinn duerch digital Plattformen vill méi einfach ginn. De Patrimoine ass soumat haut ëmmer nach wichteg a lieweg an ass ëmmer am Alldag present.

D'Verierung ass dobäi keng einfach Saach, virun allem wann et ëm d'Kultur geet, wouvun d'ganz Mënschheet betraff ass. Mee ass de Mënsch iwwerhaapt dann an der Lag, d'Wierker an d'Wäerter z'ierwen an ze verierwen? Wäert de Mënsch et hikréien oder op Dauer awer versoen?

D'Walfer Bicherdeeg beschäftegen sech dëst Joer besonnesch mat deene Froen. Ausserdeem ass d'Joer 2018 och d'"Europäescht Joer vum Kulturierwen". De Johannes Gutenberg ass dëst Joer viru genau 550 Joer gestuerwen. Ouni hien hätt viles méi lues progresséiert, de Buchdruck huet d'Kultur staark revolutionéiert. Dofir feiere mir haut déi 24. Kéier de Wäert vum Buch op de Walfer Bicherdeeg.



## Lëtzebuerger Buchpräis

En Donneschdeg de 15. November ass fir déi 13. Kéier de Lëtzebuerger Buchpräis iwwerreecht ginn. An deene leschte Joren huet sech dëst Evenement fest an d'Walfer Bicherdeeg an och an der Lëtzebuerger Literaturwelt integréiert. An och dëst Joer ware sämtlech Acteure vun der Lëtzebuerger Literaturzeen am Festzelt zu Walfer vertrauten.

D'Soirée huet ugefaange mat enger Ried vum President vum Verband vun de Lëtzebuerger Bicherediteuren, dem Yann de Toffoli. An senger humorvoller Ried huet hien d'Neierungen an der Lëtzebuerger Literaturwelt ervirgehewen a fir eng besser Visibilitéit vun der hiseger Literatur plädéiert.

No engem Merci duerch de Walfer Buergermeeschter François Sauber an enger Ried vum Staatssekretär am Kulturministère Guy Arendt, huet d'Jeanne Glesener un den am August verstuerwenen Auteur Georges Hausemer erënnert, dem säi Wierk, seng Iwwersetzungen an och seng Perséinlechkeet onvergiesse bliwen.



Virugaangen ass et dann awer mat der eigentlecher Iwwerreechung vum Buchpräis. De Jury huet sech dëst Joer aus dem Jay Schiltz, dem Charlotte Ziger, dem Jean-Marie Reding, dem Laurent Daubach, an dem Nicolas Calmes zesummegeesat. Gestart ginn ass mat der Kategorie Kanner- a Jugendbuch. Gewonnen huet an dëser Kategorie:

Thomas Schoos/Keong A-Song: Wooow!!! Lëtzebuerg, Editions Guy Binsfeld

Déi nächst Kategorie war dunn Literatur, an de Nico Helmingen konnt sech an dëser Kategorie mat "Kuerz Chronik vum Menn Malkowitsch sengen Deeg an der Loge" duerchsetzen. Déi lescht grouss Kategorie, déi nach bliwwen ass, war d'Sachbuch a Beau-Livre. An dëser Kategorie war de Gewënner Pagliarini/Caregari mat "Eugène Mousset".

Nodeems d'Präisser an den dräi grouss Kategorien iwwerreecht waren, gouf et awer nach dräi weider Präisser. De Spezialpräis fir den Design gong un "Histoires familiales".

De Publikumspräis fir deen am Viraus konnt iwwert RTL.lu ofgestëmmt gi war dëst Joer fir de Mike McQuaide mat "An American in Luxembourg".

De leschte Präis vum Owend war de Coup-de-Coeur vum Jury a gong um Enn um Nathalie Ronvaux säin "Subride-re. Un aller simple".





# Schnuffenzeitung

D'Vitalschnuffen Organisatioun ass bei de Walfer Bicherdeeg op véier Patten ënnerwee fir ënner anerem Spenden ze sammelen an hir Zeitung ze verkafen.

Si sammele Spende fir zwou Organisatiounen: D'SPA Hirsent, en Déierenasyl, an der asaas bearl, d'Amicale vun der Schoul fir Assistentzhënn. Dozou verkafen sioch hir eege „Schuffenzeitung“, an der

## Black Fountain Press

Black Fountain Press, dat éischt exklusiv engleschsproochegt Verlagshaus zu Lëtzebuerg, huet während de Walfer Bicherdeeg op eng Liesung vu Gedichter a kuerze Prosafragmenter agelueden. Dës waren entweder op Englesch verfaassten Texter, oder awer Texter, déi zum Beispill aus dem Franséischen an d'Englescht iwwersat goufen. D'Iwwersetzung vun dësen Texter hat d'Anne-Marie Reuter, d'Grënnerin vum Verlag, iwwerholl.



Gelies goufen dës Texter vun den Auteure Lambert Schlechter a Pierre Joris. Mä si hunn net nëmmen hier eegen Texter gelies, mä och Wierker vu Schrëftsteller, déi si besonnesch inspiréiert hunn. D'Texter

hu vum Irakkriich bis ze kleng Banalitéiten thematiséiert. No der Liesung war de Lambert Schlechter esou léif, der Schülerzeitung och nach en Interview ze ginn.

Här Schlechter, wat haalt Dir vum Thema vun de Bicherdeeg?

Ohlala, dat ass jo de ganze Motto. D'Literatur ass jo ëmmer e Patrimoine. Dat heescht, Saachen afänken, d'Vergangenheet net vergiessen, de Present thematiséieren an dat un d'Zukunft weiderginn. Dofir freet et mech och, hei esou vill jonk Leit ze gesinn. Ech sinn elo ee vun deenen Alen, an dann ze gesinn, dass elo zwou Generatiounen nach do sinn, an dass d'Buch menger Meenung no definitiv nach ëmmer eppes ass, wat zielt, nach ëmmer eppes ass, wat do ass an och ni wäert verschwannen. Trotz der Elektronik an den Ecranen, d'Buch bleift.

Domadder hutt der elo amfong scho meng zweet Fro ewech geholl, ech wollt Iech elo froen ewéi Dir d'Zukunft vum Buch geséicht. Dir schreift jo elo awer haaptsächlech Är Bicher op Franséisch, Är Gedichter a Prosa, elo sinn déi jo och vu Black Fountain Press op Englesch iwwersat ginn. Wéi gesitt Dir generell d'Situatioun an och d'Zukunft vun engleschsproocheger Publikatiounen vu Lëtzebuerger Auteuren ze Lëtzebuerg selwer?

Dat ass op guddem Wee. Ech mengen, elo ass jo och déi Anthologie do erauskomm. An ech denken, à priori ass et immens flott, dass mir elo en englescht Verlagshaus hei ze Lëtzebuerg hunn. Firwat? Ma aus zwee Grënn. Well och eng Rei vu jonke Lëtzebuerger carrement Englesch schreiwen, ech war elo puermol a Juryen, wou

sid'Leit iwwer verschidden interessant a wichteg Themen opklären, z.B. iwwert d'Kastratioun vun Hënn, nei Déiereschutzgesetzter, oder wéi een de Mupp an der Vakanz mathuele kann. Si benotzen hir Zeitung fir eng aartgerecht Déierenhaltung ze promovéieren a Leit op alternativ medezinesch Beruffer opmierksam ze maachen, wéi z.B. Déierenosteopath, Déierephysiotherapeut an Déierenhomeopat.

eng Rei vun de Bäiträg an a wuessendem Mooss op Englesch geschriwwen sinn. D'autre part hu mer och Leit aus der anglophoner Welt, déi hei aktiv sinn. Et war jo elo schéin ze gesinn, dass de Buchpräis un en Anglophonen hei ze Lëtzebuerg geet, an ech mengen déi Synergien, déi si wonnerbar. An dat gehéiert zur Definitioun vu Lëtzebuerg, datt mir tëschent de Sproochen hin an hier ginn, dat favoriséieren, déi Aner accueilléieren. Och well mir dozou fäeg sinn, well mer all déi Sproochen schwätzen.

Dat heescht Dir gesitt d'Méisproochegkeet als en Atout?

D'Méisproochegkeet ass en absolute lëtzebuergeschen Atout, dee mir ni däerfen opginn. Et ass en Deel vun eisem Räichtum an et ass en Deel vun eiser Identitéit. Dass mir dee Plurilinguismus do hunn. Et weess jiddereen, wann een an der Strooss een eppes op Englesch freet, äntwert deen op Englesch, a wann een een eppes op Franséisch freet, äntwert den och op Franséisch. Dat gëtt et grosso modo nëmmen ze Lëtzebuerg, a sou engem kleng Milieu wéi mir et jo awer sinn, an dat eppes ganz Wonnerbares. Dat ass e groussen Deel vun eisem Patrimoine, en Deel vun onser Identitéit, vun onsem intellektuelle Patrimoine.

Wat huet Iech zum Schreiwe bruecht? A firwat schreift Dir spezifesch Gedichter?



Ech hat vu ganz Jonkem un d'Bedierfnis ze schreiwen. Ech hu mat 13 Joer ugefaangen, an ni méi opgehalen. Ech schreiw gären, ech schreiw vill. Ech kann net liewen, ouni ze schreiwen.

Schreiwen ass en Deel

v mengem Liewen, ech schreiwen net well ech mech langweilen, mä well ech net liewe kann, ouni ze schreiwen. An déi Versformen vum Schreiwen, sief dat elo e Gedicht oder Prosafragment, dat sinn alles nëmme Formen fir sech auszudrécken. Ech schreiw kee Roman, ech kann dat net, ech well dat net, et gëtt och genuch Leit, déi dat gutt maachen. Ech hat ni d'Loscht, eng länger Geschicht ze zielen. Wann een sou well, ech maachen eng Zerstéckelung vum Liewen, wéi een et subjektiv gesäit, alles wat do virkënn, vun dem Schéinste bis ze dem Ellensten. Dat anzefänken, dat ass, wat ech säit 50 Joer probéieren.

# De Fënnef vir Zwou ënnerwee

Am interessantsten ass et dacks einfach mat Leit an d'Gespréich ze kommen. D'Team vun der Schülerzeitung "Fënnef vir Zwou" huet sech ënnert d'Leit gemécht a mat Auteuren a Visiteure geschwat.



Vill Leit soten eis, dass si besonnesch wéngs de Lëtzebuergeschen Auteuren a Bicher kommen.

D'Sylvie Collignon-Mathieu ass eng Kënschtlerin an Autorin, déi säit 2010 Kannerbicher erausbréngt. Mir hunn si op de Walfer Bicherdeeg getraff, an do huet si ons iwwert d'Ufäng vun hirer Aarbecht als Autorin erzielt, a wat hir nächst Projet sinn.

Wéini huet si ugefaange mat schreiwen a firwat? „Ech hunn am Joer 2010 mäin éischt Buch erausbruecht, well ech amfong op der Sich war no Lëtzebuurger Kannerbicher, mir hate kléng Kanner, an ech hunn näischt um Marché fonnt, wat mech interesséiert huet. Et ware lauter sou langweileg Geschichten, ouni vill Biller an einfach nëmmen Text, ausser elo auslännesch Bicher, mee ech wollt awer eppes Lëtzebuergesches. An do hunn ech geduecht, da probéieren ech einfach mol selwer eent ze maachen, wat educativ ass a wat mir och géif gefallen, mee eben och menge Kanner. Ech hunn ëmmer scho gemoolt, an do hunn ech geduecht: „Okay, elo probéiers de mol e Kannerbuch ze maachen“. Duerno hunn ech einfach e Clown gemoolt, de fësche gaangen ass an dobäi eng Këscht gefëscht huet mat lauter Spillsaachen a Bicher dran. E Kand hält dann ee Buch nom aneren. An dunn hunn ech mer geduecht : „Okay, mat engem Buch geet et awer net duer, da méchs de eng Serie.“ An do hunn ech dann d'Famill Toni Morroni geholl als Haaptpersonnen, an hunn all Kéiers eng aner Geschicht erfionnt. An d'Bicher ginn dem internationalen Alphabet no. An am Moment hunn ech elo dat néngte Buch erausbruecht. Nächst Joer kennt eent iwwert lwwergewiicht bei Kanner a Mobbing an dono kennt eent iwwert de Papagei Oscar an engem Altersheem.“

Auch Kinderbuchautorin Sandra Baumgärtner hat sich unseren Fragen gestellt. Sie ist seit 2011 als Autorin aktiv. Geschichten schlummern in ihr, eine davon war die Geschichte um Tiffi,



die Tigerschnecke. Die Autorin findet, dass ihr Kinderbuch gerade in der aktuellen Stimmungslage helfen kann. „Tiffi hat einen ganz wichtigen Hintergrund, der gerade heutzutage sehr aktuell ist, wo viele Menschen wieder Angst vor Fremden haben, was oft auf Vorurteilen basiert. Dieses Thema wollte ich einfach aufgreifen, weil auch meine Kinder natürlich Angst vor Fremden haben. Ich habe Ihnen zeigen wollen, dass wenn man sich dann mit den Sachen beschäftigt, stellt man oft fest, dass es keinen Grund gibt Angst zu haben.“

Och mam Elena Titova hu mir eis ënnerhalen, a wollte wëssen, wat de de Centre Luxrusse eigentlech ass? „Also eise Centre ass zu Lëtzebuerg an do gi mir russesch Course op verschiddenen Niveauen. Mir invitéiere Leit, déi d'russesch Sprooch léiere wëlle bei eis, fir dass si mat eis léieren. An dann besteet eise Cours net nëmmen aus russescher Sprooch, mee et soll een och Kultur an Traditionen kenneléieren. Mir presentéieren och d'Literatur an déi grouss Schrëftsteller, wéi Tschekow, Dostojewski, Tolstoi, an och Schrëftsteller, déi e Nobelpräis kritt hunn, wéi zum Beispill de Solschenizyn am Joer 1971 oder och de leschte Laureat, virun zwee Joer, d'Swetlana Aleksijewitsch.



D'Madamm Titova huet awer och selwer geschriwwen. "Also a mengem Buch "Le vent propice" si fënnef Kuerzgeschichten vu verschiddenen Themaen, wéi zum Beispill d'Kierch, d'Education, d'Reussite am professionelle Liewen, mee ech ka soen, mäin wichtigste Gedanken ass ze weisen, wou Léift ass, well Léift ass net nëmme géigeniwwer vun enger Persoun, mee och géigeniwwer vum Liewen, vum Beruff vun aneren Aktivitéiten. A menge Geschichte géif ech gäre verschidde Qualitéite vum Liewe weisen, awer och an der Léift, verschidde Stadien, verschidde Phasen, verschidde Reaktiounen vum deem berühmte Gefill."

## Produzéiert vum Team vun der LRSL „Fënnef vir Zwou“ Schülerzeitung:

|                   |                  |
|-------------------|------------------|
| ARIFOSKA Kjeziban | RAACH Scarlett   |
| BEWER Fanny       | RAACH Liam       |
| BLASIUS Anna      | RIGO Sam         |
| CANO Pauline      | SCHMITZ Rochelle |
| DI PAOLI Gianni   | SCHMIT Lynn      |
| GRAS Cindy        | SCHROEDER Anna   |
| JANDER Lucie      | STEMPER Ben      |
| KYSIL Angelina    | THIEL Jelena     |
|                   | WINANDY Louise   |



[www.lrsl.lu](http://www.lrsl.lu)